# "Awer kee „Bou ronderëm d'Schoulen"! An elo?"

RTL|Update: 18.08.2020 17:52|




© RTL Archiv

Méi wéi all 9. hätt sech warscheinlech an der Schoul mam Corona-Virus ugestach. Aus der Etüd kéint een nëmme begrenzt op dat kommend Joer schléissen.

D'Sektioun vun CGFP-Gewerkschaft Feduse stellt fest, dass tëscht dem 11. Mee an dem 29. Juni nëmme ronn d'Hallschent vun de Schüler an de Klasse waren, an nëmmen déi 2 lescht Woche goufen d'A/B-Klassen nees zesummegeluecht.

Den offizielle Communiqué vun der Feduse

*"Dësen Zäitraum ass eiser Usiicht no vill ze kuerz, fir den Impakt vum Zesummeleeë vun de Gruppen A a B op d'Infektiounszuelen ofschléissend als problemlos kënnen ze bewäerten",* heescht et am Communiqué vun der Feduse zu der presentéierter Etüd vum Educatiounsminister Claude Meisch. Bei der Rentrée wäerte kloer méi Schüler an d'Schoule goen, wéi wärend der Phas vun der Etüd.

Am Rapport wier och *"net nuancéiert ginn, ob déi festgestallten Ustiechungen a Schoule mat oder ouni Maskeflicht am Klassesall stattfonnt hunn"*. Hei hätten et uechtert d'Land och verschidde Praxisse ginn.

Och beim Lëfte vun de Klassesäll gëtt drop higewisen, dass dëst spéitstens am Wanter net méi sou méiglech wier, wéi nach virun der Summervakanz.

Eng Entwarnung fir den Infektiounsrisiko an der Schoul kann d'Feduse also net ginn, och wann d'Gewerkschaft vun den Enseignanten der Meenung ass, dass de Schouloflaf soll sou normal wéi méiglech oflafen. Ma d'Gesondheet vun der ganzer Schoulcommunautéit géif awer hei op éischter Plaz stoen.

Den ugekënnegte Stufeplang misst der Realitéit Rechnung droen, also och, dass de Virus sech an der Schoul iwwerdréit.

D'Feduse hätt heizou awer nach keng Informatioune kritt a wier och net mat an den Diskussiounen agebonne ginn. Et stellen sech der Feduse awer eng ganz Partie Froen, wat de Schutz, d'Lëften, de Sportunterrecht, d'Kantin, d'Test-Strategie, den Tracing oder d'Transparenz betreffen.

Dëse Froe missten am Stufeplang Rechnung gedroe ginn, an dass een als Feduse net just viru getraffen Decisioune kéint stellen.